N°496
Entrée le 19.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.03.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 19. Mäerz 2024

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un den Här Bildungsminister weiderzeleeden.

Am Moment bitt de Lënster Lycée niewent dem Regime vum Enseignement secondaire classique och Klassen am Regime vum Enseignement secondaire général un. Mengen Informatiounen no, soll de Regime vum Enseignement secondaire général deemnächst auslafe gelooss ginn. An dem Zesummenhang wollt ech follgend Froen un den Här Bildungsminister stellen:

- Kënnt Dir konfirméieren, datt de Regime vum Enseignement secondaire général am Lënster Lycée ausleeft?
    - Wa jo, wat sinn d'Grënn fir dës Entscheedung?
    - Ab wéini gëllt dës Entscheedung?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Max Hengel

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 496 vum honorabelen Deputéierte Max Hengel**

De Lënster Lycée (LLIS) bitt vun der Rentrée 2024 u keng 7G-Klasse vun der *Voie d'orientation* am Enseignement secondaire général (ESG) méi un. Schüler, déi aktuell op enger 7G oder enger 6G am LLIS sinn, kënne selbstverständlech hire Parcours op den ënneschte Klassen an där Schoul weiderféieren.

De Rescht vun der schoulescher Offer mat nationalem Programm am LLIS bleift onverännert: Op den ënneschte Klassen gi weiderhin d'Klasse vun der *Voie de préparation* (7P, 6P, 5P), d'*Classe d'initiation professionnelle* (CIP) respektiv d'*Classe d'orientation professionnelle* (COP) esou wéi och d'*Classe d'adaptation* (5AD) ugebueden. Op den ieweschte Klasse gi weiderhin d'Sektioun *Ingéniérie* (4GIG-1GIG) an d'*Division administrative et commerciale* vum ESG ugebueden, nieft Formatioune vun der Beruffsausbildung.

D'Decisioun, keng 7G-Klasse méi unzebidden, ass getraff ginn, well d'Aschreiwungen an den europäesche Klasse staark geklomme sinn. D'Demande fir ESG-Klassen zu Jonglënster ass kleng, wat sech warscheinlech duerch d'Proximitéit notamment mat der Stad erkläert, wou d'Schüler e breede Choix un ESG-Klassen a verschiddene Lyceeën hunn.

Mat den europäesche Klassen an zousätzlech der *Voie de préparation* riicht sech d'Offer am Secondaire vum LLIS weiderhin un all Schüler, onofhängeg dovun, ob se um Enn vum Cycle 4.2. an de Classique, de Général oder d'*Voie de préparation* orientéiert ginn. Déi europäesch Klassen am Secondaire sinn nämlech accessibel souwuel fir Schüler, déi an den ESC, grad wéi och an den ESG orientéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH